ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 15. Januar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden:.

D'IRMen gehéieren haut zu enger noutwenneger Infrastruktur am Gesondheetssecteur. Diagnosen, Behandlungen an Operatioune sollen ouni onnëtz Verspéidung kënne gemaach ginn. Dofir begréisse mir als ADR d'Uschafung vu véier neien IRMen am Land.

Laut Aussoen vum Här Minister ginn dës nei IRMen am Land an d'Spideeler implantéiert, wou schonn IRMen a Betrib sinn. Dëst steet am Géigesaz zum Regierungsprogramm, wou dra steet, datt si geographesch verdeelt solle sinn, fir eng beschtméiglech Ofdeckung ze garantéieren.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Firwat ginn dës nei IRMen net op aner Sitte gesat, wou nach keng IRMen a Betrib sinn? Firwat ginn esou z.B. zwee IRMen op Ettelbréck gesat an keen op Wolz?
2. Wéi vill Patienten duerchlafen dës IRMen an der Moyenne pro Dag?
3. Wéi vill IRM-Examen goufen an deene leschte fënnef Joer am Ausland gemaach a wéi deelen dës sech, op déi eenzel Joren an op déi eenzel auslännesch Spideeler gekuckt, op?
4. Wéi sinn de Moment - opgeschlësselt no Spideeler - d'Waardezäite fir an den IRM ?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique